N°1798
Entrée le 17.02.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, vun der Madamm Justizministesch, Elisabeth Margue, a vum Här Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°1798 vum 17. Januar 2025 vum honorabelen Députéierten Sven Clement zum Sujet "Geldautomatesprengungen".**

**Fro 1 : Wéi vill Geldautomatesprengunge goufen et an de leschte 5 Joer, opgeléscht no Joren, zu Lëtzebuerg a wéi vill Täter konnte bis elo identifizéiert a festgeholl ginn?**

Säit 2020 goufen et 15 Fäll vun Attacken op Geldautomaten :

- 2020 : 6 Attacke zu Beefort, Wäiswampech, Gréiwemaacher, Wuermer an zwee mol am Pommerlach.
- 2021 : 3 Attacken zu Wëntger, Mënsbech a Nidderkäerjeng
- 2022 : 2 Attacken zu Käerjeng an Esch-Sauer.
- 2023: Keng Attacken.
- 2024 : 1 Attack um Rouscht (Biissen).
- 2025 : 3 Attacken zu Reisduerf, Säll an Uewerpallen.

Insgesamt konnte säit 2020 12 Täter identifizéiert ginn. Verschiddener vun den Täter konnten an enker Zesummenaarbecht mat auslänneschen Autoritéite verhaft ginn a sëtzen hir Strof am Ausland of. Ee vun den Täter, dee fir d'Strofdot zu Esch-Sauer verantwortlech ass, gëtt deemnächst op Lëtzebuerg ausgeliwwert.

**Fro 2 : Wéi eng konkret Moossnamen si geplangt, fir d'Sécherheet vun de Geldautomaten ze verbesseren, z.B. duerch technesch Moossnamen un den Automaten oder eng verstäerkt Iwwerwaachung?**

Zënter der Well vun Attacken op Geldautomaten am Joer 2018 hunn d'Lëtzebuerger Banken de Sécherheetsniveau vun hire Geldautomate progressiv an d'Luucht gesat. Dëst engersäits fir datt d'Täter keen Notzen aus den Attacke solle kënnen zéien, an anerersäits fir d'Kollateralschied vun esou Attacken op d'Noperschaft ze limitéieren. Dozou gehéiere mechanesch Virriichtungen an och Verbesserungen op techneschem Niveau.

Duerch d'progressiv Zesummeleeën an d'Moderniséierung vun de Geldautomaten, déi d'Banke vun dësem Joer u geplangt hunn, soll de Sécherheetsniveau an deem Beräich zu Lëtzebuerg weider gestäerkt ginn.

Doriwwer eraus besteet zanter enger Rei Joren een Aarbechtsgrupp "*sécurité dans les banques*" tëscht der Police an der ABBL, dee reegelméisseg zesumme kënnt, fir iwwer Sécherheetsfroen ze beroden.

Och d'Personal vun de Sécherheetszentrale gëtt reegelméisseg vun der Police sensibiliséiert, bei Alarm-Meldunge schnell an effikass ze reagéieren.

**Fro 3 : Wéi kënnen d'Police an d'Justiz hir Zesummenaarbecht verbessere fir d'Opklärungsquot vun de Geldautomatesprengungen ze erhéijen an d'Täter méi dacks festzehuelen?**

Duerch déi gutt Zesummenaarbecht vu Justiz a Police an och mat den auslänneschen Autoritéite konnte positiv Resultater erziilt ginn. Zousätzlech dozou gi verschidde Moossnamen hei am Land ergraff, fir d'Kriminalitéit ze bekämpfen, wéi z.B. d'Aféierung vun ANPR-Geräter (*Automatic Number Plate Recognition*), déi et erméiglechen, d'Nummereschëlder vu Gefierer automatesch ze erkennen.

Och gëtt de legislative Kader - notamment den Code de Procédure pénale - lafend ugepasst, fir datt eis Justiz- a Policeautoritéiten déi néideg prozedural Instrumenter fir eng efficace Strofverfollgung hunn.

**Fro 4 : Wéi kann déi grenziwwerschreidend Kooperatioun mat de Nopeschlänner an deem Beräich weider ausgebaut ginn, well et sech bei den Täter warscheinlech dacks ëm international Banden handelt?**

Ech verweisen op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 914 vun 2024 zum selwechten Thema.

*"D'Enquêteure vum Service de police judicaire schaffen enk mat hiren Homologen an der EU, besonnesch mat deenen an den Nopeschlänner, zesummen en et gëtt e reegelméissegen Informatiounsaustausch. Dës Zort vu Kriminalitéit gëtt och um Niveau Europol suivéiert."*

Lëtzebuerg, den 17. Februar 2025
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN